de 5.Februar 1949.

Offene Bre'f vun der Ligue "ONS JONGEN" Sectio'n Dideleng un den Central-Comité vun "ONS JONGEN", mat dem Wonsch, o'hni Fél, en an der Zeitong "ONS JONGEN" vum 15.Februar ze publize'eren, falls nöt mir dese Bre'f an der Tagespress brèngen.

Un all Sectio'nen vun der Ligue " ONS JONGEN ".

Folgende Bre'f schéckt d'Sectio'n Dideleng de 15.12.1948. un den Central-Comité:

" Den önnerzéchneten Comité vun der Ligue "ONS
" JONGEN", Sectio'n Dideleng, délt dem Central-Comité mat, dass hien
" mat dénen jetzegen am C.C. herrschenden Zo'stänn nöt averstä-
" nen ass!

" Betrefft C.C. Wahlen an der leschter Assemblée
" Générale wesse mir haut no èngem Mo'nt emol nach nöt we' d'Char-
" gen am neien C.C. verdélt sin, un e Rapport nöt ze denken.

" U Rapport'en, Circulairen an Uweisongen si mir
" iewerhapt nöt me' gewinnt an dén neien C.C. schingt dé vum ălen
" C.C. ageschlŏene Wé mat gro'sser Iwerzégong weider ze goen.-

" Als Ersatz fir dest fanne mir dann an onse Partei
" zeitongen, an onhémlechem Zo'huelen, we' én dém aneren vun onsem
" C.C. Memberen de' gre'sst Geméngheten un de Kapp schleidert.

" Dăt măche mir Didelenger nöt me' mat !

" Wann ennerhalb èngem Mo'nt dat Ganzt nöt change'-
" ert huet, an d'Ligue "ONS JONGEN" mat neien Directiven, ze făssen
" an ènger schnellstens ageruffener Assemblée Générale extraordi-
" naire, zereck op dén Ăle Wé bruecht göt, dann désolidarise'ere
" mir ons vum Central-Comité.

" Als Optakt duerzo' gi mir ab sofort kéngerlé
" Berichter me' un dé jetzegen C.C. an ons gro'ss Propagandaac-
" tio'n fir ons Zeitong so'fort ŏfgestoppt.
"

" Mir bie'den Iech ons dese Bre'f postwendent ze bestä-
" tegen.

Bis haut de 5.2.49. go'w onse dese Bre'f nach nöt be-
stätegt,èng Ännerong am C.C. huet sech nach nöt erwiesen.Als énzeg
Noricht aus dem C.C. krute mir de Rapport vun der Assemblée Géné-
rale des Délégués vum 21.11.48. den 12.1.49.,also bål 2 Me'nt duer
no.Dese "Rapport"ass nöt emol e Rapport well wåt doranner stéht
ass eso' weit ewech vun dém wåt an der Assemblée lass wor we'
Letzeburg vun Honnolulu! Duergènt huelen we' et schingt d'Gehes-
seschkéten am C.C. vu Sötzong zu Sötzong zo'. An iewerhåpt,sinn
nach C.C. Sötzongen ??? a wåt göt do gespillt ??? Mir wössen et jo
nöt well mir kre'en kén offiziellen Rapport.

Önner dénen Ömstänn gesin mir Didelenger d'Ligue "ONS
JONGEN" als onöfhängech neutral Verénegong mat Rieseschrett dem
Önnergank zo'göen.Mir måchen fir des Zo'stänn dé jetzegen C.C,
voll a ganz responsabel!

Well nun de Comité vun der Sectio'n Dideleng et nöt
kann mat sèngem Gewössen,vis-à-vis vu sènge Memberen an de Komerö-
den aus dem Land vereinbaren,dass d'Ligue "ONS JONGEN" eso' soll
verlö^a^deren,måche mir den Opruff un all Sectio'nen sech mat ons ze
solidarise'eren,èng nei Assemblée Générale Extraordinaire des Dé-
légués ze fuerderen,an déer en neien C.C. zesummen gesicht göt,dé
sech nés we' fre'er,a komerodschaftlecher,oprichteger Arbecht,
Hand an Hand mat de Sectio'nen,fir d'interesse vun "ONS JONGEN"
voll a ganz asetzt.

Mir hoffen,dass de^a^ åner Sectio'nen d'Gefoer de'
d'Ligue bedre't erkennen,d'Sectio'nen de' nöt au courrant sin
sollen sech renseigne'eren,an an èngem gro'ssen Élan,alleguer ze-
summen d'Ligue "ONS JONGEN" nés zereck op den ålen komerådschaft-
lechen a solidareschen,neutralen Wé brèngen.

Vive d'Ligue "ONS JONGEN"
De comité vun der Section Dideleng.